



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture,
de la Viticulture et du
Développement rural

Dossier suivi par : M. André LOOS
Tél : 247-82530

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
11 DEC. 2018

Réf.: 686/2018

Monsieur Marc HANSEN

**Ministre aux Relations avec le
Parlement**

Service Central de Législation

LUXEMBOURG

Luxembourg, le 11 DEC. 2018

Objet : Question parlementaire n° 20 de l'honorable Députée Madame
Martine HANSEN

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse commune de Monsieur le Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural, de Monsieur le Ministre de la Justice, de Madame la Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable et de Monsieur le Ministre de la Mobilité et des Travaux publics à la question parlementaire mentionnée sous rubrique.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments très distingués.

Le Ministre de l'Agriculture,
de la Viticulture
et du Développement rural,


Romane SCHNEIDER

Réponse commune de Monsieur Romain SCHNEIDER, Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural, de Monsieur Félix BRAZ, Ministre de la Justice, de Madame Carole DIESCHBOURG, Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable et de Monsieur François BAUSCH, Ministre de la Mobilité et des Travaux Publics
à la question parlementaire n° 20 du 8 novembre 2018 de l'honorable députée Martine HANSEN

Et ass wichteg ze erwänen, dass d'Situatioun am Beräich vum Prisong net déi selwecht ass wéi an all anerem Beräich, well hei méi op d'Sécherheet an op spezifesche Aspekter vun der Hygiène muss gekuckt ginn.

D'Produkter, déi an der Ausschreiwung vum Centre pénitentiaire de Luxembourg (CPL) mentionéiert sinn, si vun enger präziser technescher Beschreiwung begleet, an dat well de CPL di noutwendeg Qualitéit fir di spezifesche Besoine vum Strofvollzuchsmilieu wëll. Et ginn hei d'Logistik, d'Sécherheet, bestëmmt hygienesch Normen an och d'HACCP-Critère berécksilichtegt.

Als regulär Offer gëtt all Offer consideréiert, déi, no Auswärtung, formell an technesch konform ass.

All d'Propositiounen aus der Ausschreiwung mussen ausgefëllt ginn, well et sech ëm e Gesamtpak vun Ausgaben handelt, déi previsibel Liwwerunge vu gläicher oder ähnlecher Natur fir ee Budgetsjoer betreffen.

Fir eng korrekt Verwaltung vun den öffentleche Gelder am Kader vun engem limitéierte Budget ze garantéieren a fir dee groussen Volume, dee gefrot gëtt, ze kréien, ass de CPL obligéiert, d'Commandé mat oppener Prozedur unzufroen.

Wéi schonns an der Question parlementaire n° 3454 vum honorabelen Deputéierten Lex DELLES vum 15. November 2017 erkläert gouf, ginn all Muere kléng Mëllechpäck vun 0,2 Liter, mat Stréihallen, Individuell un all Prisonéier verdeelt. Dat huet de Virdeel, dat kee Gebrauch vun engem Messer oder eng Schéier gemaach gi muss fir d'Mëllech ze drénken. Alternativ Léisunge vun anere Produzente fir di nächst Ausschreiwunge sinn amgaang analyséiert ze ginn.

Och am Prisongswiesen ass een sech natierlech der Valeur ajoutée bewosst, di duerch di nei Legislatioun méiglech gëtt, andeems d'Nohaltegkeet an d'lokal Produktioun mat an d'Bewäertungscritère fir eng Ausschreiwung afléissen.

An där Hisiicht ass d'Prisongsverwaltung amgaang ze iwwerpräiwen, a wél enger Mooss een dëse sënnavolle Critère kann am Alldag Rechnung droen, ouni dofir awer géint aner wichteg Normen, virun allem am Beräich vun der Sécherheet an den HACCP-Critèren, ze verstoussen.

Dës Reflexiounen ginn och am Hibleck dorobber gefouert, datt de Prisong vu Giwenech eng gewëssen eege Production agricole huet, di an deem Kontext nach besser soll valoriséiert ginn.

Dorlwwer eraus huet de Landwirtschaftsministère an de leschte Joren zesumme mat de jeeweilegen Acteuren aktiv un enger „Plateforme d'échange pour la promotion des produits agricoles dans les cuisines collectives“ geschafft; dës Plattform, déi zum Ziel huet, fir eventuell Barrièren zur Benetzung vu lokale Produkter an den ëffentleche Kantinnen aus dem Wee ze schafen, soll a Form vun engem G.I.E. – also engem „Groupement d'intérêt économique“ – constituéiert ginn.